# Infoversammlung - Biopoubelle
# Korrekt Aart a Weis den Tri ze maachen

D'Gemeng Schëffleng huet festgestallt, datt d'Bierger·inne Friemstoffer an hirer Biopoubelle hunn. Fir jiddereen drop opmierksam ze maachen, gëtt eng Infoversammlung organiséiert:

**de 12. Februar 2025 um 19:00 Auer am Hall Polyvalent**
(1a, Chemin de Bergem, L-3817 Schëffleng)

Doropshi ginn d'Biopoubellen an den nächste Méint kontrolléiert an en neie Kaartesystem gëtt agefouert: **gréng**, **giel** a **rout** Kaart.

## Kaartesystem

- Eng **GRÉNG** Kaart fir d'Biopoubellen ouni Friemstoffer
- Eng **GIEL** Kaart fir d'Biopoubellë mat wéineg Friemstoffer
- Eng **ROUT** Kaart fir d'Biopoubellë mat ze vill Friemstoffer

  **Beispill vu Friemstoffer:** Plastikstuten, TetraPak, Metaller, Glas, Kaffiskapselen, Wëndelen a Binden, Steng a Bauschutt, Äschen, Zigarettestëmp, Déirestree, Staubsaugerbeidel, Textilien, Schong...







D'Biopoubellen, déi eng **ROUT** Kaart kruten, **ginn NET eidel gemaach**.

Déi concernéiert Stéit mussen **d'Friemstoffer aus hirer Biopoubelle eraus huelen** an d'Poubelle dann erëm bei der nächster Sammlung erausstellen.

Fir méi Informatioune kënnt Dir de Service de l'urbanisme et du développement durable (SUDD) kontaktéieren um 54 50 61- 340 oder 54 50 61- 343.

## Merci fir Är Collaboratioun

Versão portuguesa / English version / srpsko-hrvatska verzija
https://schifflange.lu/commune/developpement-durable/poubelle-bio

GEMENG SCHËFFLENG